Reglement N° 16 17.3.2009

Verdéngschtofzeechen

1 Verdéngschtofzeechen a Gold

1.1 Et besteet en Ofzeechen, fir verdéngschtvoll ernannte Chef/tainen ze éieren, déi bei den LGS eng kontinuéierlech an exceptionnell Aarbécht an der Formatioun oder an der Animatioun geleescht an de Guidissem/Scoutissem durch hiren Asaz an Engagement weiderbruecht hun.

Et as dat gëllent Verbandsofzeechen als Pin.

1.2 D'Verdéngschtofzeechen as eng Unerkennung fir aktiv LGS-Che/tainen, déi folgend 3 Conditiounen erfëllt hun:

1. Si kënnen eng kontinuéierlech Aarbecht an de Beräicher Programm, Formatioun an/oder Administratioun noweisen.

2. Si hun um Gebitt vun der Formatioun oder Animatioun eng spezifesch Aarbecht geleescht, déi iwwer hir normal Chefcharge erausgeet.

3. Si hun de Guidissem/Scoutissem weiderbruecht an op d'manst 2 vun dëse Gebidder:

der Expansioun, der Innovatioun, der Spiritualitéit, der Method, den Erzéiungsobjektiver oder der Qualitéit vun den Aktivitéiten.

1.3 D'Propositioun vum Zouerkenne vum Verdéngschtofzeechen un en/eng Chef/taine gët schréftlech duerch 6 ernannte Chef/tainen un de Commissaire général geriicht.

D' Begrënnung muss däitlech maachen, op wat fir eng Manéier d/e Kandidat/in déi 3 Conditiounen erfëllt.

De Verbandscomité décidéiert.

D' Verdéngschtofzeechen gët normalerweis um Verbandskongress iwwerreecht.

1.4 D' Ofzeeche gëtt um Deckel vun der rietser Uniformstäsch gedroen.

Et kann och op private Kleedungsstécker gedroe ginn.

2 Verdéngschtoofzeechen a Sëlwer

2.1 De Verbandscomité oder ee Commissaire ka Persounen, déi dem Verband Déngschter geleescht hun, als Merci d' Verdéngschtoofzeechen a Sëlwer iwwerreechen.

2.2 Et handelt sech dobai em e Sëlwer-Pin.

2.3 Och de Grupperot ka Persounen, déi dem Grupp Déngschter geleescht hun, als Merci d' *V*O eriwwerreechen.Dës Persoune kënnen LGS-Mêmber sinn oder net. Eng entspriechend, motivéiert Demande muss un de Verbandscomité adresséiert ginn.

2.4 D'Verdéngschtofzeechen a Sëlwer as eng Unerkennung fir Leit, déi während op d'manst 5 Joer an de Beräicher Formatioun an/oder Animatioun eng spezifesch Aarbecht geleescht hunn, déi iwwer hir normal Chefcharge erausgeet.

2.5 D'Propositioun vum Zouerkenne vum Verdéngschtofzeechen un en/eng Chef/taine gët schréftlech duerch 6 ernannte Chef/tainen un de Commissaire général geriicht.

D' Begrënnung muss däitlech maachen, op wat fir eng Manéier d/e Kandidat/in d' Conditiounen vun dësem Reglement erfëllt, fir en Verdengschtoofzeechen ze kréien.

De Verbandscomité décidéiert.

D' Verdéngschtofzeechen gët normalerweis um Verbandskongress iwwerreecht.

2.6 D' Ofzeeche gëtt um Deckel vun der rietser Uniformstäsch gedroen.

Et kann och op private Kleedungsstécker gedroe ginn.